N°7009
Entrée le 18.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Déi 4 Klasse bei der Mutualité des Employeurs leeë fest, wéi vill Prozent de Patron muss fir seng Aarbechter cotiséieren. Jee no Taux d'absentéisme gëtt d'Klass méi héisch oder manner héisch festgeluecht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech den Taux d'absentéisme säit 2017 entwéckelt (opgelëscht no Joer an no Secteur)?
2. Wéi huet sech d'Klasséierung vun de Betriber zu Lëtzebuerg säit 2017 verännert:
    - Wéi vill Betriber si mindestens eng Klass geklommen?
    - Wéi vill si mindestens eng Klass gefall?
3. Wéi huet sech d'Unzuel u Betriber an deenen eenzelne Klassen säit 2017 verännert (opgelëscht no Joer)?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten